



Rapport Referees' Commission - 21.02.2023

Present : Courtois, Geib, Frieseisen, Keiffer, Kröpelin, Nesser, Simonelli, Volz, Weber, Weinzierl

Entschëllegt : Frieden

1) **Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 24.01.2023**

2) **Rappel :**

EHF Delegué um Final 4 = OK

Arbitreraustausch mat Wien = OK

D'RefCom huet och scho bei de Veräiner nogefrot fir ee Match H-AXA-POTI op Freides ze verleeën. Mir soen de Clibb Merci fir hier Mataarbecht.

3) **Weiderbildung fir Arbitter :**

Den nächste Cours fir all eis Arbitteren ass fir de 24. Mäerz virgesi. Wann elo ee Match sollt op Freides geluecht ginn, a mir eisen éisträichesche Kolleegen awer wëllen d'Méiglechkeet ginn do deel ze huelen, gött dëse Cours warscheinlech op Samschdes de 25. Mäerz verluecht. Hei kommen dann nach zousätzlech Informatiounen.

Um Youth-Cup (A a B Arbitter) an um Girls-Cup (C Arbitter a Kandidaten) wäerte verschidde Formateure vun der RefCom mat den Arbitter schaffen. Fir de Girls-Cup ass och eng Koppel aus Frankräich invitéiert.

4) **Nei Arbitter-Kandidaten :**

Well schonn déi eng oder aner Umeldung do ass, organiséiert d'RefCom Enn der Saison 2022/2023 nach een Cours fir nei Arbitter. Maacht w.e.g. Reklamm an d'Kandidaten sollen sech mam Formular, den um Site vun der FLH ze fannen ass, umellen.

<https://www.flh.lu/ref> Formulaire Inscription Formation Cycle Inférieur

5) **Rapporte vun den Arbitter :**

An der lescht kënnt et leider ëmmer méi oft fir, dass Arbitter de Rapport vun enger roud, respektiv rout/bloer Kaart entweder ze spéit oder guer net eraschécken. Och si verschidde Rapporte falsch a kënnen dowéinst net gebraucht ginn.

D'RefCom wäert dowéinst op de Punkt 5 vum Rapport RefCom vum 23.11.2021 zréckgräifen, an an Zukunft déi néideg Strofen ausschwätzen.

(RefCom 23.11.2021 – Punkt 5)

Rapporte vu rouden a rout-bloer Kaarten :

Leider goufen a leschter Zäit verschidde Rapporte vun Arbitter ze spéit, guer net oder mat onkoherenten Informatiounen era geschéckt. Fir dat an Zukunft ze vermeiden, huet d'RefCom folgend Strofe virgesinn. Déi 1. Kéier kritt den Arbitter eng Verwarnung, déi 2. Kéier gött den Arbitter fir e WE gespaart, an säi Club informéiert. Bei der 3. Kéier kritt den Arbitter eng Geldstrof déi de « frais de match » entsprechen a gött net méi agesat, bis dass d'Stof bezuelt ass.

Wat "falsch" Rapporte ugeet, i.e. ee Regelverstouss duerstellt, gött de Rapport och nach vum RCA an Zesummenaarbecht mam Büro vun der FLH annulléiert an d'Ref-Com an de betraffene Club informéiert. Dëst göllt natierlech net fir Tatsachenentscheedunge vun den Arbitter (z.B.: rücksichtslos oder besonders rücksichtslos)

6) **Gréisste vu Bäll:**

Bei Kontrollen ass et der RefCom opgefall, dass nach vill Bäll am Ëmlaf sinn, déi net déi richteg Gréissten hunn. D'Bäll wou „RESIN FREE“ dropsteet hunn net dee richtegen Ëmfang, obwuel „size2“, respektiv „size3“ dropsteet. D'Veräiner sollen hier Bäll w.e.g. nomoossen an d'Arbitter sollen an Zukunft besser oppassen, dass just mat folgende Bäll gespillt gëtt.

Hären (size 3): Ëmfang 58 – 60 cm Gewiicht 425 – 475 g

Fraen (size 2) : Ëmfang 54 – 56 cm Gewiicht 325 – 375 g

(wann d'Gréisst stëmmt, stëmmt normalerweis och d'Gewiicht)

Wa kee „grousse“ Ball do ass, kann e klenge Ball gebraucht ginn, mee an dem Fall muss OUNI Haarz gespillt ginn – keen un den Hänn a keen um Ball.

7) **Nei Uniforme fir d'Arbitter :**

Déi nei Uniforme sinn esou gutt wéi fäerdeg – déi giel gëtt am Moment ausgedeelt. D'Arbitter kréien an nächster Zukunft d'Informatioun, wou a wéini si déi nei kréien. D'RefCom leed an dem Moment och e Stéchedatum fest, ab dem nach just an der neier Uniform däerf gepaff a während dem Match gewise ginn. All perséinlech Uniform vun engem anere Sponsor sinn ab dem Dag verbueden.

Nächst RefCom Dënschdes den 21. Mäerz 2023 um 18.30 Auer zu Stroossen.